ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI

Groupe parlementaire

Här Gast Gibéryen
President vun der
Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 26. November 2018

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Finanzminister weiderzeleeden.

E Freideg, den 23 November, huet de belsche Ministerrot e kinneklechen Arrêté geholl, deen de Geschäftsleit et zur Obligatioun mécht, am Fall wou boer bezuelt gëtt, d'Endofrechnunge mussen op 5 Euro-Cent op- oder ofzeronnen. Dës Obligatioun gëllt vum 1. Dezember 2019 un. Den Zweck vun dësem Arrêté ass et, déi kléng Mënzen vun 1 an 2 Euro-Cent aus der Zirkulatioun ze huelen.

Dowéinst wéilt ech dem Här Finanzminister dës Fro stellen:

Huet d'Lëtzebuerger Regierung eng Positioun zur Thematik vun den 1 an 2 Cent-Mënzen? Wa jo, wéi eng?

Mat déiwem Respekt,

Fernand Kartheiser
Deputéierten

ADR – Groupe parlementaire **22, rue de l'Eau L-1449 Luxembourg** **Tel. : (+ 352) 463742 / Fax 463745**
ADR – Parti politique